

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Op der belscher Autobunn E411 gouf virun zwee Joer eng véiert Fuerspur fir Busser, Taxien an Autoe mat dräi oder méi Leit a Betrib geholl. Dës Measure hat zum Zweck, Co-Voituragen ze ënnerstëtzen an domat de Verkéier op der Autobunn laangfristeg ze reduzéieren. An engem Interview mam Luxemburger Wort huet den Här Minister ugekënnegt, dës zousätzlech Fuerspur och op der Lëtzebuerger A6 a Richtung belsch Grenz anzeféieren, woubäi déi nei Spur op déi lénks Säit vun der Autobunn komme misst. (Source: Morgan Kuntzmann: „In die Länge gezogen“, LW vum 4.6.2021)

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi soll dës Measure konkret ëmgesat ginn? Hu mer et dono bei der A6 nach mat enger Autobunn am internationale Sënn ze dinn?
- 2) Wéi eng Implikatioune wäert dës zousätzlech Fuerspur fir Autoe mat manner wéi dräi Leit, besonnesch awer fir Police, CGDIS an Ambulanzen hunn? Sinn Auswäichméiglechkeete virgesinn?
- 3) Ass virgesinn, dëse Modell och op aneren Autobunnen hei am Land anzeféieren?
- 4) Ginn et Studien, déi beleeden, datt duerch esou eng zousätzlech Fuerspur den Traffic op den Autobunnen effektiv ofhëlt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten

